Journées du livre et du droit d'auteur

20.-24. Abrëll 2020

En neien Ufank

Eng Propositioun vum
Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend

Ëm wat geet et?

Schonn dacks an der Geschicht stounge Mënsche viru ganz neien Erausfuerderungen an hu missen en neien Ufank woen, z. B. no de Weltkricher oder no Naturkatastrophen.

Awer och wichteg Erfindungen, technesch Entwécklungen a gesellschaftlech Ännerungen hunn e grousse Wandel mat sech bruecht, esou z. B. d'Erfanne vum Buchdrock oder vum Motor, d'Walrecht fir d'Fraen oder och d'Mënscherechtserklärung ...

Och a sengem perséinleche Liewe stoung scho bal jiddereen emol, gewollt oder ongewollt, virun engem neien Ufank, sief et op familiärem, schouleschem oder berufflechem Plang.

Eis aktuell Gesellschaft verännert sech ganz séier a verlaangt, datt mir eis un déi Changementer upassen : et geet drëm, wéi mir matenee liewen an ëmginn, wéi mir ë. a. an de soziale Medie kommunizéieren, wéi mir eis Ressourcë verdeelen a mat eisem Planéit ëmginn.

Wat ka gemaach ginn?

Zum Motto vun 2020 bidde sech villerlee Aktivitéiten un, wéi z. B.

- Texter oder Biografien iwwer Leit liesen, déi een neien Ufank hu misse maachen (no engem Krich, enger Naturkatastroph, enger Flucht, enger Krankheet ...)
- Geschichten iwwer Kanner/Erwuessener liesen, déi eng nei Etapp an hirem Liewen uginn (z.B an eng nei Schoul kommen, en neie Familljemember akzeptéieren, eng Trauer iwwerwannen, eng nei Aarbecht ufänken, eng nei Partnerschaft aginn ...)

- Bicher iwwer Leit behandelen, déi ganz bewosst eppes Neies wollten erliewen (Entdecker, Leit déi hir Liewensweis wollten änneren, eng Weltrees ënnerhuelen ...)
- A Sachbicher nosichen, wéi eng Entwécklungen oder Persounen an der Geschicht en neien Ufank ageleet hunn (d'Elektrizitéit, d'Entwécklung vum Internet, de Martin Luther King, de Gutenberg ....)
- A Sachbicher kucken, wéi eng Momenter an der Geschicht en neien Ufank mat sech bruecht hunn (Weltkricher, Katastrofen, de Fall vun der Berliner Mauer ...)
- Geschichten asetzen an un Hand vu Sachbicher iwwerleeën, wou an der Zukunft nei Ufänk néideg sinn a wéi déi kéinten ausgesinn (Ëmwelt- an Déiereschutz, Klima, Nohaltegkeet, Ëmgang an de soziale Medien ...)
- Eege Geschichten opschreiwen oder Fantasiegeschichten erfannen, déi en neien Ufank duerstellen.

Et kann een dozou:

- Geschichte virliesen, beschwätzen, veränneren, weiderspannen, aus enger anerer Perspektiv erzielen ...
- Eng Geschicht als Lesetheater ëmschreiwen an/oder opféieren ...
- Eng nei Geschicht erfannen, opschreiwen an illustréieren ...
- asw.

Wéi kann ee matmaachen?

Als Klass, Zyklus oder ganz Schoul.

D'Responsabel aus der Schoulbibliothéik sinn d'Kontaktpersoune fir déi Aktioun.

Umeldung (iwwert de Schoulbibliothecaire): mam Onlineformulaire (https://tinyurl.com/jdl2020-ef-lux) bis den 13. Mäerz 2020

Wat geschitt mat den Aktivitéiten, déi gelaf sinn?

A jiddwer Schoul sollen d'Aktivitéiten dokumentéiert an déi Dokumentatioun bis den 19. Mee 2019 erageschéckt ginn.

Flott wier et, e klenge schrëftlechen Descriptif vun den Aktivitéiten mat e puer Fotoen ze kréien. Et wier gutt, wa mir d'Dokumentatioun an digitaler Form (Fotoen an 300 dpi-Printqualitéit) kënnte kréien. Wa Kanner op de Fotoen drop sinn, da géinge mir d'Enseignantë bieden, d'Autorisatioun vun den Elteren ze froen.

D'Schoulen, déi matmaachen, ginn um Internetsite vun de „Journées du livre et du droit d'auteur " www.liesen.lu an am Courrier de l'Éducation nationale 04/2020 ernimmt.

De SCRIPT offréiert Bicherpräisser un d'Schoulen, déi matmaachen.

Mir maachen an engem spéidere Courrier de l'Éducation nationale e Réckbléck op d'Aktioun.

MENJE – SCRIPT
Promotion de la lecture
Edupôle Walferdange
BP 98
L-7201 Bereldange
Email : anne-marie.antony@men.lu / anne.biesdorf@men.lu

Merci fir d'Matmaachen